

Identitéit?

1972, also **vrü 36 Joer** hunn ech an der Nummer 2. vun 'Eis Sprooch' geschriwwen, EU-Europa wier eng gutt Saach... ower et dierft kee 'Bulletin-Europa' ginn, wou een déi eenzel Sorten a Stécker vum Fleisch net méi giff erëmkennen...

Eis Sprooch bräicht och net op engem Europa-Altor geaffert ze ginn, fir datt mir gutt Europäer wieren. Keen EU-Land bräicht a soll seng Eegenart opginn... mä et misst jidderee mat deem néidege Respekt vun deem aneren senger kultureller Identitéit profitéiere kënnen. Dat maache mir z. B. dach ewell laang, duerch d'Immigratioun vun 'eisen' italiéneschen, portugiseschen a villen anere Leit. Mat iwver 40 % 'Ausländer' am Total schloe mir jidfer EU-Rekord op deem Gebitt, vun 'eise' Grenzgänger emol net ze schwätzen, déi mir brauchen, an déi ewell méi ewéi 60 % vun den Aarbechtsplazen ausmaachen. Multiplizéiert dach emol selwer mat de Milliounen vun Däitschland, Frankräich, der Belsch, Italien, Holland... da gengt dir op 32.000.000 resp. 24.000.000 resp. 4.000.000; 20.000.000; 5.500.000 'Friemer' an deene Länner kommen. Déi kënnen sech **déi enorm Proportioun hei bei äis** nach net emol am Dram virstellen. Si mengen ower nawell, si giffe schon an hirem Ausländerproblem erstécken. Mir net. Wa mir äis net zevill identitär verkëppe loosse! Dat si mir eise Kanner a Kandskanner schëlleg.

Haut hu mir eng Situatioun, déi een däitlech un all déi Zou- an Ëmstänn erënnert, an zwar wéinst der **Diskussioun iwver eis Nationalitéit**; dobäi gehéiert d'Fro vun der duebeler Nationalitéit net onbedéngt an déi Iwwerleeungen, well hei hu mir et mat enger puerer politescher Saach ze dinn, déi an engem demokratesche Staat natierlech vun de gewielte Verrieder vum Lëtzebuenger Vollek decidéiert muss ginn.

An alle Länner, wou fir den Ament iwver hir Nationalitéit rieds ass, gëtt klor gesot – an zwar egal watfir eng 'Faarwen' uewe sinn! – datt **d'Sprooch vum Land eng Conditoun** ass, fir den nationale Pass ze kréien. Firwat? Mä well dat direkt mat der Suerg fir d'Identitéit vum Land ze dinn huet. Déi eng maachen dat méi restriktiv, fir net ze soe stur; anerer sinn do méi 'gewieweg', an si ginn deem méi Chancen, deen hir Nationalitéit freet. Hei bei äis guff d'Lëtzebuergesch ouni Knupp a Krëmmel als Conditoun an de Gesetz-Projet fir eis Nationalitéit gesat... mä streng geholl kann ee sech froen, op Grond vu wat dat geschitt; jiddefalls net op der Basis vun eiser Conditoun... well déi seet bis haut kee Pipjeswuert iwver eis Sprooch! Dat ass – op d'mannst juristesche gekuckt – e 'Schildbürger-Streech', eng lächerlech Partei-Zermeshterei! Pardon fir den Toun.

Wann ech mech net ieren, da war et de Professor Nicolas Margue, deen an den 30er Joere fir d'ëischt iwver eis Sprooch am Zesammenhank mat eiser Lëtzebuenger Identitéit geschriwwen huet (an 'Ons Hémecht'). Wéi Recht den Här Margue hat, sollt sech **den 10. Mee 1940 a besonnesch den 10. Oktober 1941 weisen**, wéi d'Nazi-Fatzerten äis just mat eiser Sprooch wollten op eng hannerwänneg Manéier 'Heim ins Reich' lackelen. Leider ass d'Lëtzebuergesch no der Krichskatastroph op vill Manéieren esou vernoléisseg ginn, datt nach just e puer verschotert Schreiwerten sech domat 'ameséiert' hunn; fir de Rescht war eis Mammesprooch deenen Allermeschte mouswurschkabes egal. Alt erëm: Firwat?

Eréischt vun 1971 u guff dann hannert deer Saach gekëddelt, gefréckelt, gebruet a gezuert. An zwar (leider) ëmmer vun deene selwechten... dräimol dierft dir rode vu wiem. Haut kann – ee Gléck – keen sech eis Sprooch-Fro méi ewechdenken. Firwat? Mä well mir et fäerdegbruecht hunn, **d'Lëtzebuergesch als Identitéits-Fro an d'Gespréich ze kréien, et an der Diskussioun ze halen**, esouguer ze 'etabléieren'. Sidd es sécher: Et dabbert virun!

de Bannenhaff

En Haff, dee bannen(an) téscht de Mauere läit war an ass nach ëmmer e 'banneschten Haff', keen 'Innen- oder Binnenhof' a **kee 'Bannenhaff'**. Dat ass natierlech net weider schlëmm... ower mat esou Geknätzels piddele mir d'Speis téscht de Steng vun eiser Sproochmaierchen eraus. Probéiert iwverhaupt emol driwwer nozedenken, wat mir vun Ausdréck hunn, déi mat 'bannen' ze dinn hunn: **bannen(dr)an; bannewänneg; bannenzeg; bannebaussen; bannent (der Stad)...**

Vläicht kommt dir dann och op deen interessanten Ausdréck, dee wëllt soen, et hätt eppes zimlech laang gedauert: **«dat huet gebonn(en) iert dee komm ass; nondikass, dat bënnt, iert deen Handwierker sech weist...»**. Hei nach eng Kéier, mä net fir d'lescht, de Sprooch: Eis Sprooch ass laang net esou aarm wéi mir selwer sproocharm sinn. Oder?

Wann dir iech och an dësem Sënn fir eierbart Lëtzebuergesch interesséiert, da **kaaft iech eist Buch «EISES»** (am Bicherbuttek oder bei äis selwer)... mat Dausende vun Ausdréck, déi dir dann emol probéiert, op Däitsch a – firwat net – op Franséisch ze iwwersetzen. ■ H.M.

wannechgliff!

Et ass dach eng wonnerbar Saach, datt sech esou sëlliche Leit fir de Fändel vun eisem Land net nëmme interesséiert, mä esouguer mat hirem eierlechen Numm agesat hunn! Dat muss een och emol esou kucken. Mir hunn äis hei an der KLACK ganz bewusst op keng Säit geschloen, well et äis vrun allem em de Fong geet: Mir sinn e souveräne Staat, en eegent Vollek; mir stinn all zesumme mat Respekt vrun EISEM Fändel, egal watfir eng Form a Faarwen deen huet. D'Saach u sech ass decidéiert, a mir respektéieren dat, well mir fir eng demokratesch Uerdnung an eisem Heemechtsland sinn... dierfe sinn!

E ganz ziviliséiert Biedelen: Denkt w.e.g. fir den 23. Juni drun, iech e Fändel un ze schafen, a mat deem ze weisen, datt dir et eescht, gutt a verstänneg mat eisem, mat Ärem Land mengt... denkt, mat äre Kanner a Kandskanner, un déi Zäiten, wou et déi Fräiheet net ginn ass. Denkt drun, datt mir eisen auslännesche Matbirger wëlle weisen, datt mir äis selwer, eist Land, eis Geschicht, eist Leiden an eise Courage wëllen op eisem Nationalfeierdag eescht, douteescht huelen! ■ AL

vum Lex Roth



(PHOTO: TEDDY JAANS)

Ceterum censeo... (21)

Eis Sprooch an der Conditoun

Wa mir mat deenen 2 'Parteien' schwätzen, déi den Ament eng Actioun fir/géint d'Euthanasie lafen hunn, da giff et do eng ganz interessant 'technesch' Fro: **Wéi héich ass de Prozentsaz vun de Leit, déi sech iwver Internet resp. normal-schrëftlech melden?** Dat giff fir äis eng giedeleg statistesch Basis fir eng eventuell Ëmform iwver eis Sprooch an der Conditoun.

Mir wëssen, datt esou eng Zort 'Referendum' d'Chamber un näischt bënnt. Wierklech? E puer Méint vrun de Wahle wier et ower eng kribbeleg Saach, gellid... a vläicht giff deen een oder aneren sech d'Affaire emol eng Grimme méi eescht bedenken, aplaz Tozereien an d'Welt ze setzen. Well sidd es sécher: Mir nennen d'Cocoën an d'Reider! Resistenz ass keen eidelt Wuert... a wéi heescht et esou dacks: De Wieler ass net domm! ■ L.R.

Gestëppels

Datt hei bei äis och heiansdo e bësse gestëppelt gëtt, huet dir an deenen 140 Numeroë vun der KLACK ewell laang matkritt. Mä huet dir och ewell beduecht, datt dat 'Gestëppels' **en 100%egt lëtzebuergesch Wuert** ass? Et geet äis haut och esou gutt, datt nach just gestëppelt gëtt, fir ee rosen ze maachen, mä zesoen net méi, fir e Lach an enger Strëmp zou ze kréien. Datt mir dann och nach *an den Zänn 'stëppelen'*, ass ee Gléck nach ganz normal, well bis elo si mir nach net esou wäit, datt mir 'stocheren'... mä firwat gëtt dann no engem 'Zahnstoch(er)' aplaz 'Zännstëppeler' gefrot, wann e Stéck Kottlett sech net mat der Zong eraus stëppele léisst? Datt et Leit gëtt, déi einfach ni matzäit (firwat 'zur Zäit?'), mä ëmmer nëmme *'op de leschte Stëppel'* kënnen kommen, dat wëssen a gebrauch mir och nach esou an eiser Sprooch... bis een erausfonnt huet, dat wieren alles 'al' Ausdréck... an hien ersetzt et duerch houdäitscher... fir dann ze soen, d'Lëtzebuergesch wier jo eng aarm Sprooch. Maja. ■ M.V.

Merci MPK!

Am historieschen Zentrum vun der Stad stinn, **op 200 m vuneneen, d'Gebuertshaiser vun dräi vun eise wichtigsten Ufanks-Dichter**: Tunn Meyer, Edmond de la Fontaine (Dicks) a Michel Lentz. Op zwee Gebaier dovun hu mir eng bronze Plack vun hinne gehaang, déi de Julien Lefèvre († 1984) geschaf huet: fir den Dicks (C&A) an de Lentz (neien Hôtel 'Schintgen' / haut André Simoncini). Dem Tunn Meyer, dem 'Papp' vun der Literatur op Lëtzebuergesch ('e *Schréck op de Lëtzebuenger Parnassus*' / 1829) hu mir och wëlles, déi verdéngten Eier op sengem Gebuertshaus, op N°3 an der Dräikinnegsgaass / rue Chimay ze ginn... e Stéck vun eiser kultureller Identitéit!

Leider hu mir keen **'haut-relief' fir eng Plack vum Tunn Meyer**, mä dat misst sech maache loosse; vum Här Universitäts-Mathematik-Professor Antoine Meyer häng e ganz gudd Portrait-Tableau



an der Fakultéit zu Léck, och hei am Musée. Mir sinn iwverzeegt, datt d'Messageries Paul Kraus' äis an deer Saach déi néideg Erlaabnës ginn... a vläicht eng Hand upaken. Si hunn dat Haus vrun e puer Joer kauft, et bannen extra funktionell 'noneegemaach'... an d'Fassad gelooss, wéi se war! Dir gesitt et hei op der Photo. Dofir soe mir de Responsabele vun MPK eisen eierleche Merci, wënsche vill Succès a felicitéiere fir déi elegant Restauratioun! ■ P.W.

dat wäert scho goen...

A leschter Zäit ruffen ëmmer méi Leit bei äis un, si schreiwene oder 'mailen', datt eis sprooch-spezifesch Form vum Futur um Radio an op der TV an d'Labberänte kënn.

Eng markant Eegenart vun eiser Sprooch: mir drécken de 'Futur' net mat enger 'Endung' um Verb aus wéi am Franséischen (vum Latäin iwverholl); och net wéi am Däitschen oder Engleschen, wou de Futur mat *'werden/will'* als 'Hëllefverben' ausgedréckt gëtt. Am Lëtzebuergesch, wéi iwregens och an anere Sproochen, läit *de Futur an engem 'Zäitwuert'*, oder och einfach *am Sënn vum Saz (Kontext): mar, herno, déi aner Woch, dat anert Joer, den Owend, an enger Stonn...* domat ass dat wäert, wäerts, wäerten net nëmme iwverflësseg, mä et ass am Lëtzebuergesch grandfalsch. Leider gëtt do da vill ze dacks a vrun allem mat enger Poutz Iwwerhiefléckheet gesot, et kënn een do maache wéi ee wëllt.

Wann ech soen, **herno wäert den Här Déngensdengen äis Bescheed soen**, da wëll ech eng Bestëmtheit, eng Zort Garantie, eng Art Sécherheet ausdrécken; den Zäitsënn vum Futur läit jo am Wuert **'herno'**... also wier et (supereinfach!): *herno seet den Här D. äis Bescheed*.

Hei e puer Knätzeler, déi den Här Roby Pauly vun de Gaasperecher 'Flantëssen' (pensionéierte 'Kultur-Direktiounsinspekter' vun der Spuerkeess) als lëschteng Nummer bruecht huet, fir de Frënn vun deem sympathesche Club, mat deem 100%-ege lëtzebuergesch Numm!, definitiv äddi ze soen. Domat gesitt dir, datt een déi Futur-Saach och op eng lëschteng Fassong kann... op den Aarm huelen... an da wäert dat scho goen.

Am August wäerte mir a Spuenie fueren, do wäert d'Wieder gutt sinn, an da wäerte mer schwamme goen – *vun engem engegermoosse bekannte Minister: mir wäerten doriwver diskutéieren, an da wäerte mir decidéieren, ob ech definitiv wäert op Bréissel goen. En aneren: Mir wäerte kucken, an da wäerte mer ënnersichen, ob mer de Police-Direkter wäerten aspären.*

(de Rob. Pauly huet iwregens elo e flott Buch mat interessante Kannererënnungen op Lëtzebuergesch erausginn: **'SCHWAARZT BROUT'** / 198 S. / 19.90 € / ISBN 978-2-87996-697-7); frot et an de Bicherbutteker; et ass wierklech dowäert a flott geschriwwen! ■ AL